FEDERATION DES ARTISANS

Embargo jusqu'à mardi 29 juin à 17h30

Allocution de Norbert Geisen à l'occasion du Rassemblement des entreprises en date du 29 juin 2010

(Seul le discours prononcé fait foi)

Leif Kollegen aus Handwierk, Handel, Industrie an HORECA,

Leif Kollegen aus de liberale Beruffer an der Landwirtschaft,

Leif Chefs d'entreprises matt ären Famill'jen,

D'Fédération des Artisans huet dese Rassemblement organiséiert. Et war en Appell un all déi kleng a mettelstännesch Betriber am Land fir zesummen mat eis haut virun d'Chamber ze kommen, an der Politik ze weisen, dass hannert all denen Betriber Leit aus Fleesch a Blutt stinn. Leit dei Famill hun. Leit dei geschafft an sech eppes opgebaut hun.

Et gett Zäit, dass dat verzerrtent Weltbild ännert, daat d'Gewerkschaften permanent iwwert dat sougenannte Patronat weiderginn.

Dofir brauchen d’Gewerkschaften just ze kukken ween haut hei as. Da gesinn sie Leit wie aanerer Leit och. Leit, dei sech Suergen em hier Zukunft mache. D’Zukunft vu sech an hierer Famill. D’Zukunft vun hierem Betrieb, an hiere Matarbechter.

Et ass alles aanescht wie normal, dass d’Patron’en „op d’Strooss ginn“. Decisioun war eis och net liicht gefall, mee mir hu gemengt, et wier elo un der Zäit ze weisen, dass et eis duer geet. A wann ech hei sou ronderem mech kucken, gesinn ech, dass eis Decisioun di richteg war!

Leif Kolleginnen a Kollegen,

Haut hun mir d’Gefill, dass daat wat mer eis obgebaut hun, a Gefoor as. E Betrieb as emmer a Gefor. De Risiko as eise ständege Begleeder. Mir hun awer geleiert, de Risiko anzeschätzen. Mir wëssen, dass mer duerch gutt Arbescht, eng gutt Organisatioun an duerch d’Qualiteit vun eisen Dingschtleeschtungen a Produit’en de Risiko zu engem gewëssenen Mooss reduzeieren kennen.

Dei meescht vun eis, wann och leider net alleguer, wäerten de laangen Otem hun fir des Kris, an der mer schon sait 2 Joer stiechen, z’iwwersteon.

Mir stinn am Risiko. Daat mussen mer akzepteieren. Mir wëssen, dass d'Economie zu all Moment vun enger Kris getraff ka ginn. Daat musse mer akzepteieren. Mir hun Verantwortung fir eis Matarbechter. Och daat mussen a **wëlle** mer akzepteieren.

Dir Dammen an Haeren,

Waat d'Handwierkerfederatioun, waat d'Betrieber, a waat all Bierger an dësem Land net **kann** an net däerf akzepteieren, ass sech zum Spillball vu politeschen Streidereien a Spillecher machen ze loossen, dei ganz vill mat der Zukunft von politesche Käpp a Parteien a Gewerkschaften, an ganz weineg mat der Zukunft vum Lëtzebuerger Land ze dinn hun.
Daat waat mer an der leschter Tripartite an dono erliewt hunn, däerf sech net widderhuelen.

Wat mer net kennen akzeptéieren, ass dass d'Politik, nemmen well se an der Tripartite nett weiderkent, alles einfach laafen leisst. Daat lescht waat mer heieren hunn, ass de Spuerprogramm vun der Regierung, den de Premier bei der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun présentéiert huet. Do ginn Investitiounen gekiirzt, e bessen un de Sozialtransfert'en gespuert, a ferm un der Steierschrauw gedreit. Bei de Betrieber a bei de Leit.

Wouvunner mer näischt heieren hun, ass de Chômage, a viirun allem d’Kompétitivitéit vun de Betrieber!

A well Kris as a gespuert muss ginn an d’Steieren ropgesaat ginn, gett déi vollautomatesch Lounindexeierung einfach weiderlaafen gelooss. Mam Resultat, dass d’Betriber dese Mount 2,5% mei Loun bezuelen mussen. Salarie’een kreien fir d’eischt eng Augmentatioun, eier se dei Souen iwwer d’Steieren rem wechgeholl kréien.

An esou wie et ausgesäit, erfällt bannent engem Joer nach eng Indextranche.

A well et politesch esou praktesch as, an d’Betriber sech dat jo an den Aan vun der Politik kennen leeschten, erhei’jen mer pünktlech fir den 1. Januar den Mindestloun och mol nach em 1,9 Prozent.

Wann et dann esou geet, wei mer fäerten, kennt och nach eng Kotisatiounserhei’jung an der Krankekeess derbäi. A schons si mer, besonnesch an de mettelstänneschen Betrieber, bei 7% mei Lounkäschten, ouni dass eis Produktioun an d’Luucht gaangen wier, fir dat ze kompenséieren.
Nemmen well d’Politik an d’Gewerkschaften dat gudd fannen.

Dat mecht soss keen esou op der Welt, oder och nemmen an Europa. A scho guer nett an Zäiten wie desen!

Mir missten oppassen, de schwaachen Wuestem net duerch weider Verschlechterungen vun der Kaafkraft z'erstecken, heescht et aus de Gewerkschaftszentralen.

Ech mengen villméi dass mir oppassen mussen, dass mer d'Betrieber, die déi Kaafkraft mussen bezuelen, net einfach futti-indexéieren! Dass mer d'Betriber nett futi-mindestlounen!

Leif Kolleginnen a Kollegen,

D'Patronat steet an der Kritik. Et gett gesoot, dass mer den Sozialdialog a Gefor brengen, well mer eis momentan aus verschiddenen Gremien zeréckgezunn hun. Mir soen, mir weilten mol eng Denkpaus aléen an doriwwer nodenken, wei mer an Zukunft wellen a kennen matteneen schaffen, am Senn vum Land, eise Mattarbechter an de Betrieber.

Leif Kolleginnen a Kollegen

Ech froen Iech. Wien huet dann fir d'eischt den Sozialdialog an Gefoor bruecht, andeems en den parteipolitesche Streit an Tripartite bruecht huet? Wien huet den Sozialdialog refuseiert andeems en schon virun den Verhandlungen soot, dass mat him net ze verhandelen wier?

Daat waren net Betrieber, mais daat waren déi, déi eis haut mengen Reprochen machen ze missen.

Den Premier huet den sougenannten sozialen Index proposeiert. Hien huet Ännerungen um Wuerekuerw proposéiert. D'Patronat huet Propositiounen gemaach, a mir wäerten nach weider Propositiounen op den Desch lëen. Desdeech huet och de Präsident vun eiser Zentralbank Propositiounen gemaach, dei absolut diskussiounswert sinn, well se besonnesch och de klengen a mettlen Betrieber geifen hellefen, dei jo iwwert de Wee vun der Beschäftegung och a besonnesch vu Mannerqualifizéierten d'Reckgrad vun eiser Ekonomie an den Zement vun eiser sozialer Kohäsioun duerstellen.

Et geet drems, ee System opzebauen, den d'Salarié'en gerecht behandelt AN am Intressi vun de Betriber ass, well e Rücksicht op eis Wettbewerbsfähegkeet hëlt.

En neie System amplaatz vun dem vun haut, wou de Klengen weineg kritt an den Decken vill. An eis Kanner bezuelen d'Rechnung. Daat as de Sozialstaat deen d'Gewerkschaften verteidegen.

Leif Kolleginnen a Kollegen,

Wann mir hei stinn, as et och fir dei sogenannte kleng Leit, dei manner wei den duebelen Mindestloun verdingen. Vill vun hinnen schaffen an eise Betriber. Wa mer an d'Statistik vun de Sozialversecherungen kucken, da stinn haut och vill Patro'en hei tescht eis, déi an der Situation sinn. Well och bei de Selbständegen ass nach laang net alles am Botter, waat d'Pei zum Enn vum Mount ugeet.

Eise Mattarbechter hier Existenzgrondlaag ass ganz enk mat eiser verbonnen. Mir kennen eis Mattarbechter beim Numm. Mir kennen hier Famillen a mir wëssen, ob sie Problemer hun oder net.

Den Sozialdialog geet viirun. Et fennt all Daag an eise Betriber statt. Mir schaffen all Daag mat eise Leit zesummen, an mir wessen, dass all Betrieb nemmen esou gutt as, wie d'Leit déi dra schaffen.
Dofir muss net onbedingt e Gewerkschaftler dobai sin.

Leif Kolleginnen a Kollegen,

Firwaat muss e Patron mei Zeit domat verbrengen fir d'Relatioun tescht sengem Betrib an de Verwaltungen z'organiseieren, wie fir den Betrib selwer. Am Dossier vun der simplification administrative as vill geschafft gin. D'Proposen leien um Desch, et feelt just nach den politesche Wëllen, fir dass déi Erliechterungen och an eise Betrieber ukommen. Eng Verwaltung organiseiert sech net selwer. Eng Verwaltung mescht keng Gesetzer. Do as d'Politik gefroot.

Mir hun matt die niddregest Lounniewekeschten an Europa. „Gott sei dank!", kann ech do nemmen soen, well ech weisst net waat mir soss nach fir eng economesch Aktiviteit hei am Land hätten. Mir sinn awer dobäi, dese leschte Virdeel, den mer vis-à-vis vum Ausland hun, ze verspillen. Et steet erem eng Kotisatiounserheijung fir d'Krankekees am Raum. Natiirlech as et politesch mei einfach, d'Souen vun aneren Leit ze huelen fir d'Lächer vun engem System ze stoppen, wéi de System u sech ze reforméieren an och mol ze kukken, wou een den een oder aneren Euro besser asétze kéint..

Kolleginnen a Kollegen,

D’Regierung seet eis, sie géif den Investitionsniveau heich haalen. Daat mach jo sinn, mee d‘Bureaux d’Etudes soen eis, dass hier Tiräng ufänken eidel ze ginn. Wann manner Souen do sinn, mussen mer eben besser plangen an besser bauen. Eis Betrieber liewen net vun de gëllenen Krinn an vum extravaganten Design, mais vun der Arbecht, dei an der Realisation stecht. Mir mussen esou auschreiwen, dass och déi kleng Betriber eng Chance hun an och Lëtzebuerger Betriber zum Zuch kommen.

Eist Land huet Problemer. Mir als Patron, die am Risiko stinn, wessen vläicht besser wie anerer, dass Problemer nët mei kleng gin, wann een de Kapp an de Sand stecht. Et kann een des Problemer ignoreieren oder aus parteipoliteschen Iwwerlee’ungen kléng schwëtzen. Mais da wuessen se weider an gin mei grouss, bis mer se net méi an de Grëff kréien.

Mir hun Problemer. Mee et ginn Leisungen fir eis Problemer!

Fir unzefänken mussen mer mol iwwerhaapt akzepteieren, dass mir Problemer hun, an net soen et wier erem alles an der Rei, wann de Staat

eng Millioun mei eran hellt, wei erwaart. Mir machen trotzdem all Joer anerhallef Milliarden Scholden. Daat sin 60 Milliarden aaler Frang.
Daat sinn Scholden, dei eis Kanner bezuelen mussen. Waat fir ee Papp a wéi eng Mamm well sengen Kanner esou een Ee an d'Nascht leeen? Keen! Außer de Gewerkschaftsbossen a Kräften, déi aner Ambitiounen hun, wéi d'Wuel vum klengen Mann – an Zukunft vun eisem Land.
D'Leit am Land hun verstaanen em waat et geet. D'Gewerkschaften anscheinend net!

Een eischt positivt Resultat vun eiser Aktioun ass jo och schons ze vermierken: Net mei speit wei Maar fennt hei am Parlament eng Debatt iwwert d'Kompetitiviteit vu Letzebuerg statt. Hoffentlech zeien eis Deputéiert dei richteg Schlussfolgerungen, da gett dei Debatt am Hierscht vläicht iwwerflesseg. Ech kann eisen Deputéierten awer lo scho soen, waat fir eng Äntwerten mir NET als Resultat wäerten akzeptéieren:
Eischtens: „D'Sozialpartner sollen dat regelen" – dat ass Iech d'Saach ze einfach gemaach!

Zweetens: „Wann et dann eng Keier esou wäit ass, dass zu Letzebuerg dräi bis veier Indextranchen am Joer erfaalen, da maachen mer eppes – da soot leiwer richt eraus dass der näischt verstaanen hutt a gitt heem! Well de Rescht kennt op dat nemmlecht eraus!

Mir sinn haut net nemmen hei fir ze weisen, dass mer Problemer matt de Propositiounen vun der Regierungsmajoriteit hunn. Mir sin hei fir ze weisen, dass mer bereet sin, fir eis d'Land an eisen sozialen System, deen eis genau esou um Haerz lait wéi all de Lëtzebuerger, ze schaffen. Wann mer bleiwen wëllen, ween mer sinn, a behaalen waat mer hun, mussen mer eis druginn fir Leisungen fannen, Reformen emsetzen an net de Kapp an den Sand stiechen virun der Welt, esou wie se nun emol ass.

Dofir sit och dir haut an d'Staat komm. An dir sit net just zu puer komm, mais zu honnerten. Wéit iwwer 2000 Betriber, déi 60.000 Arbeschtsplaatzen stellen, hun eis Pétitioun ennerschriwwen. D'Solidaritéit an d'Mobilisatioun an eisem Sektor war nach nie esou grouss.

Leif Kolleginnen a Kollegen,

Dir sit net komm, fir irgend engem ze droen, oder irdgendeen enner Drock ze setzen, mais dir sit komm, fir ze weisen, dass Iech äeren Betrib an äer Matarbechter um Haerz leien. Dir sit komm fir ze weisen, dass

och eis Betrieber een Deel vun Lëtzebuerg sinn, an dir sit komm fir der Politik ze soen, dass och no äerer Zukunft muss gekukkt ginn, an dass mer daat zesummen an net geigeneen maachen mussen.

Un de Jean-Claude Juncker, ee gudde Frend vu mir, riichten ech folgend Wierder:

Här Staatsminister,

Dir ward ee groussen Premier zu Zäiten, wou et gudd gedreit huet, an dir d'Souen matt der Schepp konnt verdeelen. Weist elo, dass dir och dann ee grousse Premier sit, wann et a schlechten Zäiten heescht, dem Lëtzebuerger Land an de kommenden Generatiounen eng Zukunft an de Betriber erem Perspektiven ze gin. Da setzt dir Iech hei am Land een Denkmal, wei Europa keent ze bidden huet.

Leiw Kolleginnen a Kollegen,

Mir ginn elo ran an d'Chamber an iwwerreechen dem Chamberpräsident Laurent Mosar eis Petitiounsleschten. Mir wäerten vun där Geleenheet profitéieren, fir dem Chamberpräsident e warmen Appel vun Iech

alleguer, vun de Lëtzebuerger Betriber, mattzeginn, fir das d'Politik hei am Land eis net vergesst an endlech hier Hausaufgaben mecht.

Iech alleguer soen ech een häerzlechen Merci fir Är Ennerstetzung. Wat ass eng Organisatioun ouni seng Memberen? Mee et sinn och vill Net-Memberen haut hei derbäi, an denen e ganz besonneschen Merci. Merci fir Är Ennerstetzung vun eiser Petitioun, Merci fir Ä Präsenz haut hei! Merci och dofir, dass der Iech eventuell nach eng Keier mobiliséiert, dei Kéier zu nach mei, wa mer Iech ruffen! Ech hoffen awer, dass mer dat net mei brauchen.

Ech wenschen Iech alleguer nach e scheinen Owend a kommt alleguer gesond a monter heem, fir dass mer muer erëm kennen weiderschaffen. Soss geht hei am Land geschwenn guer näischt mei!